N°3487
Entrée le 16.02.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de l'Éducation nationale,
de l'Enfance et de la Jeunesse

Äntwert vum Minister fir Educatioun, Kanner a Jugend, Claude Meisch, op d'parlamentaresch Fro Nr. 3487 vum honorabelen Deputéierte Marc Goergen

1. Dierfen ëffentlech Schoulinfrastrukturen genotzt ginn, fir Manifestatiounen, Konferenzen oder Reuniounen ofzehalen, un deene politesch Acteuren als Spriecher optrieden?
2. Wéi gëtt an esou Fäll garantéiert, datt de Prinzip vun der politescher Neutralitéit vun de Schoulen agehale gëtt?

Den honorabelen Deputéierte schreift zu Recht, datt *„d'Schoulen hei am Land an hirem Bildungsoptrag der politescher Neutralitéit ënnerstinn"*; dës Virgab vu politescher Neutralitéit ass an enger ministerieller Instruktioun ausdrécklech festgehalen. Am Enseignement secondaire sinn d'Direktere vun de Lycéeë fir d'Anhale vun der Neutralitéit zoustänneg.

Als ëffentlech Gebaier kënnen d'Schoulinfrastrukturen awer och ausserhalb vun de Schoulzäite vun externen Intervenantë genotzt ginn; och an dësem Fall ënnerläit den Zougang der Autorisatioun vun der Schouldirektioun. Well et sech net ëm Schoulaktivitéiten handelt, gëllen dann déi allgemeng Reegelen, déi sech op ëffentlech Veranstaltungen applizéieren.

Lëtzebuerg, den 13. Januar 2026

De Minister fir Educatioun,
Kanner a Jugend

(s.) Claude MEISCH